**Evangelium vum Häerz-Jesu-Fest** [Freideg an der 3. Woch no Péngschten]
**(Joer B)**

**Joh 19,31-37**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Johannes.*
*A. Dir all Éier, Här.*

31 Well et de Virbereedungsdag [op d'Pessach-Fest] war
a fir datt d'Läichen net um Sabbat um Kräiz hänke bléiwen
– et war nämlech en apaart feierleche Sabbat –,
hunn d'Judden de Pilatus gefrot,
fir deene Gekräizegten d'Bee briechen ze loossen
an hir Läichen dann erofzehuelen.
32 Du sinn d'Zaldoten higaang
an hunn deem Éischten seng Bee gebrach
an och deem aneren seng, dee mat him gekräizegt gi war.
33 Wéi si bei de Jesus koumen
a gesinn hunn, datt hie schonn dout war,
hunn si him d'Been net gebrach,
34 ma ee vun den Zaldoten huet hie mat senger Lanz an d'Säit gestach,
an et koum gläich Blutt a Waasser erausgelaf.
35 Deen, deen et gesinn huet, bezeit et,
an säin Zeegnes ass wouer,
an hie weess, datt hien d'Wourecht seet,
fir datt och dir gleeft.
36 Dat hei ass geschitt,
fir datt d'Schrëft erfëllt gouf:
*Et soll keng vun senge Schanken duerchgeschloe ginn.*[i]
37 An nach en aneren Text an der Schrëft seet:
*Si kucken op deen, deen si duerchbuert hunn.*[ii]

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*

---

[i] *Ex 12,10.46 LXX; Ps 34,21.*
[ii] *Zach 12,10.*